



Chef/taine sin

An dësem Kapitel wëlle mer kuerz zesumme faassen, wat et bedeit, Chef/taine ze sin. Mir denken dobäi haaptsächlech un d'Chef/tainë vun de Branchenunitéiten; (vill Punkte gëllen awer och fir d/e Gruppchef/taine).

Als Gruppchef/taine kanns du dëst Kapitel op verschidde Manéiere benotzen:

- Du fënns hei Critèren, un déi ee soll denke beim Rekrutement vun neie Chef/tainen.
- Et kann dir als Unhaltspunkt dénge fir en Aféierungsgespréich mat engem potentiellen neie Chef.
- Mat dësem Text als Diskussiounsbasis kënnt dir am Grupperot är Chefqualitéiten testen an eventuell verbessern.
- Du selwer kanns iwwerleën, u welleche Qualitéiten datt s du wëlls perséinlech schaffen.

(Du hues dech entscheed fir Chef oder Cheftaine ze si bei de Lëtzebuerger Guiden a Scouten. Bravo!) Du engagéiers dech (domat) fir eng besser Welt, an du schaffs zugläich un déngem egene (Gléck). Well am Scoutissem/Guidissem as et wéi a villen anere Beräicher: Wien sech fir anerer asetzt, huet leschten Enns selwer am meeschten dovun.

Bénévolat

Du méchs Scoutissem/Guidissem an dénger Fräizäit, an du méchs et fräiwëlleg. Et huet vläicht eng Zäitche gedauert, bis se dech sou wäit kritt hu fir Chef/taine ze gin; du hues dech iwwerzege gelooss, mee du hues dech hoffentlech nët ënner Drock gespiirt. Well Spaass un der Saach as d'Basis vum Erfolleg!

Déng Funktioun als Chef/taine as kee lieweslänglecht Engagement. Am Ufank kanns du emol fir 1 Joer probéieren: de Verband offréiert dir eng éischt Formatioun (1. Ziklus), an eréischt wann s du de praktesche Stage hannerun der hues, entscheeds du dech, ob s du wëlls 3 Joer laang Chef/taine bleiwen (Demande fir eng Ernennung). Wann déng Ernennung ofgelaf as, hues du déng Missioun erfëllt. Dann hues du d'Méiglechkeet, däin Engagement fir eng bestëmmten Zäit ze erneieren. Déng Entscheidung hänkt bestëmmt dovun of

- wéivill Satisfaktioun datt s du erlieft hues,
- wéi néideg datt s du am Grupp gebraucht gës,
- wéivill Fräizäit datt s du nach kanns fir d'Guiden a Scouten opbréngen.

Alter

Fir Chef/taine ze gi muss een op d'manst 17 Joer hun. Dëse Minimum as an engem gewësse Sënn e Widdersproch, well eis Branche RaRo, déi ganz wichteg as an der "Carrière" vun der Guide a vum Scout an och fir d'Liewe vum Grupp, eréischt mat 17 Joer ugeet. Déi Jonk brauchen an dësem Alter Erlieffnesser mat Kolleg/innen, si ameséieren sech gär ënner sech, an d'Method vun de RaRo huet hinne villes ze bidden, wat hinnen hëlleft, duerno mat enger Chefresponsabilitéit besser eens ze gin. Et as nët rar, datt Jonker mat 16-17 Joer voller Begeeschterung an eng Cheffunktioun erasprangen an dann awer no kuerzer Zäit d'Fleem kréie well se den Ufuerderungen (nach) nët gewuess sin. Duerfir as et onbedéngt unzeroden, eréischt als Chef/taine unzufänken nodeem een een oder zwee Joer am RaRo-Clan aktiv war.

Et besteet theoretisch och d'Méiglechkeet, zugläich RaRo a Chef/taine an enger anerer Branche ze sin. Et as dann awer nët sécher ob de Clan gutt eens gët mat denen zwou Zorte Memberen, an ob deen eenzelnen dëser duebeler Ufuerderung ka gerecht gin.

Fir Chef/taine ze gin muss een nët onbedéngt vu Kand un derbäi sin; all jonk Erwuessener vu 17 Joer un kënnen d'Chefhandwierk léieren.

Zäitopwand

Als Chef/taine an enger Branche investéiers du vill Fräizäit:

Praktesch Aktivitéite mat dénger Unitéit:

- all Woch eng Versammlung;
- all Trimester e Weekend oder eng Sortie;
- 1 - 2 mol am Joer e Camp vun 1 - 2 Wochen je no Branche;
- am Joer e puer extra Aktivitéite wéi Bazar, Theater, Buergbrennen, Prässioun, Eltereversammlung asw.

Virberedung a Bilan vun den Aktivitéiten:

- regelméisseg Reunione mat der Cheféquipe;
- Zäit fir perséinlech Virberedung vun dénge Chargen;
- am Duerchschnëtt all Mount e Grupperot.

Formatioun:

- Formatiounscampénger: 3-4 Deeg am 1. Ziklus, eng Woch am 2. Ziklus;
- all Joer e Formatiounsweekend oder -dag;
- all Joer de Chefdag an eventuell de Verbandskongress;
- gelegentlech e Formatiounsowend;
- Zäit fir Zeitungen an aner Dokumentatioun ze liesen.

Wann s du nèt sou vill Zäit kanns opbréngen, gin et nach folgend Méiglechketen:

déng Zäit besser andelen, Prioritéite setzen a Beschäftegungen (Hobbyen, Veräiner), déi dir nèt sou wichteg sin, fale loossen;

- d'Charge als Chef/taine opgin resp. nèt unhuelen. Dat verhënnert nèt, datt s du als Mataarbechter dem Grupp gelegentlech fir punktuell Aktivitéiten zur Verfügung stees. méi genee ënnersicht a weider verschafft.

Chefqualitéiten

Nèt jiddereen as gemaach fir Chef/taine ze sin: et sin der, dene mécht et kee Spaass, anerer kënnen oder wëllen nèt sou vill Zäit investéieren, an erëm anerer hun einfach nèt déi néideg Fähegketen. Mee bekanntlech as nach kee Meeschter vum Himmel gefall; Haltungen a Fähegkete losse sech duerch d'Praxis an duerch d'Formatioun weider entwéckelen.

Un Hand vun dëser Lëscht kanns du erausfannen, watfir wichteg Chefqualitéiten datt s du schon hues, a watfir Fähegketen datt s du nach kanns verbessern:

- Du kanns dech mat de Grondsätz vun den LGS (déi am Kapitel 1 vun de Statute stinn) identifizéieren. Du gleefs un de Wäert vum Guidissem/Scoutissem, an du deels aneren déng Begeeschterung mat.

- Du hues eng gutt Portioun Selbstvertrauen: Du weess, datt s du eng Parti Talenter geschenkt kritt hues; et as déng Pflicht, se z'entwéckelen an se zum Wuel vun anere Mënschen ze benotzen.
- Du hues Intresse fir d'Kanner an/oder Jugendlech: du bass op fir hir Wënsch an hir Problemer, du schaffs mat hinnen zesummen a bass fir si do; du begleeds se ouni ze kommandéieren. Du kanns och emol "Blödsinn" matmaachen.
- Du schätz jidder eenzelne Member vun dénger Unitéit oder déngem Grupp ouni Conditoun, sou wéi en as, du respektéiers en a sénger Egestännegkeet a schenks him Vertrauen.
- Du mierks wéi den Einzelne Fortschrëtter mécht, an du kanns dech driwwer freën. Du gës dene méi Jonken sou dacks ewéi méiglech d'Chance, eppes selwer auszeprobéieren. D'Entwécklung vum Einzelnen as dir méi wichteg wéi d'Gelénge vun enger Aktivitéit.
- Du bass der bewusst, datt déi Jonk déng Astellungen an déng Haltungen als Chef/taine an och als Privatpersoun als Virbild kënnen huelen.
- Du hëllef de Kanner an/oder Jugendlechen, chrëschtlech Wäerter, virun allem Nächsteléift, ze liewen.
- Du ergräifs Initiativ, gëss Ustéiss, motivéiers. Du méchs dene Jonke Courage fir och Verantwortung z'iwwerhuelen, an du gëss hinne Sécherheet.

- Du entwéckels Phantasie, hues keng Angscht virun neien Iddien a bass bereet, e Risiko anzegoen.
- Du méchs de Kanner an/oder Jugendleche vun dénger Unitéit/déngem Grupp et méiglech, déi spannend Abenteuer ze erliewe vun denen si dremen, du léiss awer näischt zou wat hirer Gesondheet kéint schueden.
- Du schaffs an enger Cheféquipe zesummen: du lauschters no a respektéiers aner Menungen; du méchs Virschléi, mee du drécks se nët mat Gewalt duerch; du iwverhëls Chargen, mee wëlls nët alles eleng maachen; du vertraus denen aneren a bass selwer zouverlässeg.
- Du kanns mat Konflikter ëmgoën a Spannung aushalen, du léiss dech nët duerch Schwiregketen ënnerkréien. Du hëllef dene Jonken, ënnert sech eens ze gin an zesummenzeschaffen.
- Du hues en A fir déi positiv Aspekter vu Situatiounen: du mierks dene Jonken hir Effort-en an hir perséinlech Fortschrëtter. Luef an Unerkennung kaschten näischt a bewierke vill!
- Du hues Spaass um Liewen an der Natur.
- Du kanns dene Jonken eppes virmaachen an där enger oder anerer Technik, mee du spills nët de "Superman", deen alles wëllt wëssen a kënnen. Du bass éierlech a fair, an du kenns déng Grenzen.
- Du schaffs un dir selwer: duerch Theorie a Praxis léiers du ëmmer bäi. Du profitéiers vu Formatiounsméiglechketen am

Verband an och soss. Du bass opgeschloss fir nei Iddien a Methoden.

A wat hues du dovun?

- Wann s du dech fir d'Guiden a Scouten asetz, méchs du domat och vill fir dech selwer.
- Du hues Freed wann Aktivitéite gutt geléngen a wann d'Medercher/Jonge Fortschrëtter maachen.
- Du weess datt s du eppes Positives bäidréis zu dene Jonken hirer Entwécklung.
- D'Unerkennung vun den Elteren (déi leider meeschtens nët ausgedréckt gët) gët dir Satisfaktioun.
- An der Cheféquipe, am Grupp an am Verband erliefst du Frëndschaft, an du hues och d'Méiglechkeet fir an anere Länner Frënn ze fannen.
- Du hues eng eenzegaarteg Méiglechkeet fir déng Kompetenzen ze erweideren: du léiers organiséieren, mat Kanner a Jugendlechen ëmgoen, an engem Team zesummeschaffen, Verantwortung iwverhuelen, viru Leit oprieden, dech débrouilléieren ... Dës Erfarunge kënnen dir och am Beruff an am Privatliewe vill notzen.